



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 5. Januar 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An de leschte Wochen hunn eng ganz Rei Virfäll mat Verdacht op K.O.-Drëpsen hei am Land op sech opmierksam gemaach. Eng Kéier war et op engem Bal zu Ell, op engem Bal zu Helzen, op dem Zürcherbal an op dem Silvesterbal, déi allen zwee an der Luxexpo stattfonnt hunn. Et ass gewëss ëmmer schwéier a konkrete Fäll K.O.-Drëpsen nozeweisen, virun allem wann net séier genuch reagéiert gëtt. Opklärung a Sensibiliséierung mussen dofir op alle Niveau'en Hand an Hand goen, fir esou Virfäll z'évitieren oder gegebenefalls richteg ze reagieren. An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen.

- Wat mëscht d'Regierung a punkto Sensibiliséierung vu Jonken bei K.O.-Drëpsen am Gedrénks?
- Huet d'Regierung wëlles Opklärungscampagnen, notamment an de Schoulen, ze lancieren?
- Wéi encouragéiert d'Regierung déi Jonk sech fir eng Analys an d'Spidol ze beginn, respektiv Plainte bei der Police ze deposieren, am Fall wou ee Verdacht op K.O.-Drëpse besteet?
- Wéi eng Ulaflaze bitt d'Regierung de concernéierte Persoune fir esou Virfäll kënnen ze verschaffen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel
Deputéierten

Laurent Mosar
Deputéierten